De 26. Abréll 2017 gouf um Fussballsterrain zu Kanech de Grondsteen fir déi nei sportlech Infrastrukture geluecht. Ënnert Präsenz vum President vum FC Kanech, dem Paul Trierweiler, e puer jonke Spiller, Vertrieder vu Veräiner, vum Gemengerot, vu Management Consultants, sou wéi vun der Press, huet de Buergermeeschter Arnold Rippinger erkläert, dass mat dësen neie Vestiairen an der neier Tribün géif indirekt an d'Zukunft vun de jonke Sportler investéiert ginn, an huet dësen och un d'Häerz geluecht, sech däers bewosst ze sinn. Doriwwer eraus huet de Buergermeeschter betount, wéi wichteg de Fussball fir den Zesummenhalt ënnert de Jonken an der Gemeng ass.



De Paul Trierweiler huet sech fir säin Deel ganz erfreet iwwert déi nei Infrastrukture gewisen, well déi aktuell Vestiaire mat hire Kabinnen, déi knapp 12 Quadratmeter grouss sinn, dem Niveau, op deem den FC Kanech den Ament ënnerwee ass, net méi gerecht géife ginn. Donieft huet de President ugekënnegt, dass duerch déi nei Infrastrukturen an Zukunft méiglech wier, och gréisser Turnéieren dobaussen ze organiséieren.

No de Riede vun den Häre Rippinger an Trierweiler huet de Schäfferot, de President vum Fussball an den Architekt vun Management Consultants,







de Kai Achterberg de Certificat vun der Grondsteeleeung ënnerschriwwen, deen zesumme mat zwou Dageszeitungen, engem Plang vun den Infrastrukturen an engem Geldstéck an d'Schatull geluecht gouf, déi am Grondsteen mat abetonéiert gouf. Dës Aarbecht gouf vum Buergermeeschter, dem President vum FC Kanech an de jonke Spiller iwwerholl. Duerno huet d'Gemeng nach e Patt ginn.

Geméiss Programm sinn nei Vestiairen an d'Tribün am Laf vum Mount November 2017 fäerdeg.








IBB.lu
Baugesellschaft














IBB.lu




Grondsteeleeung
vun de kommunale Sportinfrastrukturen
26. Abrëll 2017



























GEMENG LENNENG

